



## Chambre des Députés

### Compte rendu officiel

#### Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

#### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

#### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

#### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

#### Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg  
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

vun de Salariée kënnen agéieren, wéi dat elo gesot ginn ass. Neen, si kënnen dat maachen, mä si mussen de Salarié informéieren an de Salarié kann dat effektiv, wann en dat net wëllt, signifiéieren. An dann dierf d'Gewerkschaft och déi Prozedur net weidermaachen.

E Wuert nach iwwert den Droit du travail. Jo, mir wëllen deem Droit du travail méi eng Stärkt ginn. A wéi gétt een dem Droit du travail méi eng Stärkt? Majo, andeem een natierlech Sanktiounen virgesäit. An ech ka mech jo nëmme wonneren, datt mer 2007 e Gesetz gestëmmt hunn, fir d'ITM ze reforméieren - dat war also viru menger Zäit -, an do sinn déi Sanktiounen net virgesi ginn. An notamment déi Sanktioun, wann et grav Violatioun vum Droit du travail gétt, fir kënnen e Chantier zouzemaachen!

Et kann net sinn, datt d'ITM just e Chantier kann zoumaachen, wann et grav Violatioun bei der Sécuritét gétt oder bei der Gesondheet! Dann dierf se et, mä wann ee keng Salairé bezit, Iwwerstone mécht, déi net deklaréiert ginn, oder aner Verstéiss géint d'Aarbechtsrecht, dat ass net der ITM hir Kompetenz! Dat kann et also net ginn. An duerfir hu mer der ITM elo déi Méiglechkeet ginn, och da kënnen e Chantier zouzemaachen. Dat ass eng al Revendicatioun vun de Gewerkschaften. Déi ass heimat absolutt erfüllt. An ech mengen, dat ass och e Fortschrétt, fir eisen Droit du travail ze konsolidéieren.

E lescht Wuert ass dat iwwert d'ITM. Natierlech hätt ech léiwer, bei der ITM wiere se elo schonn zu 150! Mir hunn an deene leschten dräi Joer all Joer 10 bis 15 Leit agestallt. An dee Rhythmus wäert bis an d'Joer 2020 esou muse weidergoen, wa mer wëllen op deen Niveau komme vun 160, 170 Leit, déi d'ITM als Minimum brauch.

Eng Administratioun reforméieren, soen ech lech, och dem Här Kaes, ass net esou ganz einfach, besonnesch wann een et heiansdo mat Leit ze dinn huet, déi déi Administratioun dirigéieren, déi vläicht net d'Intentioun hunn, déi Administratioun ze reforméieren, well se mengen, dat wier alles esou gutt an der Rei. An duerfir muss een heiansdo Saache maachen, net dee Moment, wou ee se gär géif maachen, mä dee Moment, wou et méiglech ass, se ze maachen.

Mä mir fueren elo weider. A mir maachen et, fir och mat deem Gesetz hei - well den Dumping social ass net nëmmen eng Saach vum Detachement, den Dumping social gétt et och an anere Realitéiten, an anere Situatiounen -, eng Plattform ze schafe fir all Form vu Vergeëen. An déi Plattform maache mer zesumme mat de Patronen a mat de Gewerkschaften. An ech muss soen, d'Patronen drécken nach vläicht gradesou staark op jidde Fall wéi d'Gewerkschaften. Déi Plattform maache mer mat den Administratiounen, déi concernéiert sinn, als Éischt natierlech d'ITM, mä awer och d'Douane, och d'Police, do, wou mer se brauchen, an aner Verwaltungen, iwwregens och déi Verwaltungen, déi d'ëffentlech Opträg géieren.

An nëmmen esou: kollektiv, zesummen, mat Échange d'informations an andeem mer zesumme virginn, an natierlech mat enger gestärkter ITM, déi och Zänn kritt... An ech mengen, dat Gesetz gétt hir hei gewëssen Zänn. A mir maachen och nach eng Adaptatioun vun der Reform vun 2007. An enger noer Zukunft bréinge mer et fäerdeg, och hei zu Lëtzebuerg besser géint dee Fléau vum Dumping social virzegoen.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. An domat wäre mer prett, fir zur Ofstëmmung vum Projet de loi 6989 iwwerzegoen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6989 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass elo lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

An de Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Claude Adam) et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott ze froen?

#### (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vun eiem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6939 iwwer eng Reorganisatioun vun der Administratioun vun den ëffentleche Bauten. An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Kox.

### 7. 6939 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 15 juin 2004 portant réorganisation de l'Administration des bâtiments publics

#### Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.** - Jo, Merci, Här President. Et ass eng Reform vun der Administration des bâtiments publics. Déi huet misse gemaach ginn, well och d'Reform beim Stat an der Fonction publique duerchgefouert ginn ass. Et ass vläicht eng ganz kleng Ännerung fir eis, ech géif awer mengen, fir d'Verwaltung selwer ass et duerchaus méi e grousst a wichtegt Element, well et sinn zwee Punkten, déi hei, mengen ech, wichteg si fir d'Verwaltung selwer.

Dat ass: Éischtens kritt d'Verwaltung elo d'Méiglechkeet, an hir Direktioun net nëmmen... oder an de Funktionement net nëmmen Architekten an Ingenieuren anzustellen, mä och aner wichteg Professionen, déi am Domän vun der Constructioun doheem sinn, déi kënnen ze rekrutéieren, sief et an der Verwaltung, sief et beim Management vun den technesche Projeten. Dir wësst, dass an de leschten zwee, dräi Joer eng Beschleunigung gemaach ginn ass an den ëffentleche Bauten an dass et wich-

teg ass, dass déi Verwaltung e gudde Staff huet an och entspiechend breet opgestallt ass, fir kënnen déi Fonctiounen auszuféieren.

#### (Mme Simone Beissel prend la présidence.)

An en zweete Punkt: Natierlech och duerch d'Reform selwer ass d'Hierarchie nei geordnet ginn. An dat ass och e wichtige Punkt, näamlech d'Usprichpartner bei esou enger wichtiger Verwaltung solle gewosst sinn a solen och d'Aufgabe kënnen richteg ausféieren.

Dofir ass d'Gesetz den 28. Januar 2016 déposiert ginn. De Statsrot huet de 25. März 2016 säin éischten Avis ginn. Mir hunn zwou Navettë misse maache mam Statsrot. Si haten eng kleng Bemierkung éischtens zu der Hierarchie, mä awer och zu deenen eenzelne Poste vun der Hierarchie, dass och do d'Méiglechkeet wier, fir net nëmme Fonctionnaire kënnen anzustellen, oder zumindest op engem Chef, de division, dass awer och do Employés de l'État dat kéinten ausféieren.

Deem hu mer och Rechnung gedroen, soudass mer awer an allem dem Statsrot konnte recht ginn op deene Punkten, déi och ugeholl ginn. Dofir konnte mer dann de 26. Januar 2017 de Rapport unhuelen. En ass unanime ugeholl ginn. Ech selwer gouf de 6. Oktober an der Kommissioun vum Développement durable als Rapporteur genannt. Ech mengen, méi war zu dësem wichtige Gesetz fir d'Verwaltung net ze soen.

Ech soen och Merci fir d'Mataarbecht. Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun zu dëser Gesetzespropos a soe Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Kox. Als éischte Riedner hunn ech den Här Kaes ageschriwwen.

#### Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).** - Jo, Merci, Madamm Presidentin. Erlaabt mer fir d'Éischt, dem Här Kox villmools Merci ze soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Bon ech mengen, dat Gesetz hei ass a sech eng Konsequenz vun de Reformen am ëffentlechen Déngscht. A sech ass d'Administration des bâtiments publics eng wichteg Verwaltung. Si huet e ganz grousst Aufgabegebit. An deem Gesetz hei geet et einfach drëm, fir datt si an Zukunft och all deenen Aufgaben, déi op dës Administratioun zoukommen, gerecht ka ginn.

An an deem Sënn géif ech och den Accord gi vun der CSV-Fraktioun fir dëse Projet de loi. Merci.

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Kaes. Als nächste Riedner hunn ech den Här Georges Engel ageschriwwen.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Jo, och vun der LSAP-Fraktioun e grousse Merci un de Rapporteur fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. An och vun eis aus den Accord vun der LSAP fir dëse Projet de loi.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci och dem Här Engel. Als nächste Riedner hunn ech den Här Gusty Graas ageschriwwen.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Jo, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, wéi et hei virdru scho richteg bemierkt ginn ass, handelt et sech hei awer ëm eng ganz wichteg Verwaltung, eng wichteg Statsverwaltung, déi Aufgaben ze erfüllen huet, déi derzou bäidroen, datt d'Bautepolitik hei zu Lëtzebuerg gutt koordinéiert gétt. Duerfir si mer och frou, datt dee Gesetzestext hei elo gestëmmt gétt, well en och erlaabt, der Verwaltung eng gewësse Flexibilität zousätzlech ze ginn, och bei der Nominatioun vu Posten.

Ech profitéieren och vun der Geleeënheet, fir dem Henri Kox Merci ze soe fir seng zwee Berichter a bréinge selbstverständlech och den Accord vun der DP. Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci och dem Här Graas. Dann als nächste Riedner ass et um Här Gibéryen, ouni Häerzinfarkt.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Madamm Presidentin. Ech wëll och den Accord vun eiem Grupp bréngen.

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Gibéryen. Ech hunn elo kee Riedner méi ageschriwwen.

#### (Interruption)

Ah, vläicht... Jo, den Här Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Entschëllegt, Madamm Presidentin. Jo, mir ginn och eisen Accord.

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dann och dem Här Wagner. Dann hu mer den Tour gemaach. Da géif ech direkt d'Wuert un den zoustännege Minister ginn, den Här Bausch.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Madamm Presidentin. Fir d'Éischt och Merci un de Rapporteur, selbstverständlech och fir d'Zoustëmmung vun alle Fraktiounen hei am Parlament.

Et ass eng Verwaltung, bei där mer hei iwwer eng nei Struktur ofstëmmen, déi eng grouss Wichtegkeet huet, net nëmme well mer esou vill am Land bauen, esou vill Schoule bauen, Gebaier bauen, mä och well mer, wéi Der jo wësst, am Kader vum Rifkin-Prozess deem ganzen nohaltege Bauen eng gréisser Dimension wëlle ginn. A Bâtiments publics hunn an deene leschte Jore scho vill Erfahrungen an deem Beräich gesammelt, hunn och scho vill Projeten ausgeschafft. Mir wäerten der och nach vill an deenen nächste Joren ëmsetzen, mä et kommen der wahrscheinlech nach vill derbäi.

Dat wat mer haut wäerte stëmmen, dat wäert et där Verwaltung, déi souwisou schonn exzellent fonctionnéiert, an Zukunft erlaben, datt se nach besser ka fonctionnéieren.

Merci.

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci och dem Här Minister Fränz Bausch. Da kéinte mer ufänken ofzestëmmen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6939 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Dann d'Procuratiounen.

#### (Concertation interne)

Ech soen lech alleguerte villmools Merci.

De Projet ass eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par M. Henri Kox) et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

► **Une voix.** - Wéi schéin.

#### (M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Da froe mer nach d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vott.

#### (Assentiment)

An d'Chamber ass domat d'accord. Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir maachen hei de Wiessel.

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Okay, Merci.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - E fligende Wiessel.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - A mir géifen zum nächste Projet vun eiem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6980, eng Direktiv iwwert d'Lizenz vun de Fluglotsen. D'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

### 8. 6980 - Projet de loi portant modification de la loi du 16 août 2010 relative aux licences des contrôleurs de la circulation aé-